

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2022


Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'Präisser fir de Stroum ginn an de leschte Jore bestänneg zolidd an d'Luucht. Vill Leit stellen sech an deem Kontext allerdéngs Froen, well op hirer Stroumrechnung uginn ass, datt si 100 Prozent Naturstroum bezéien. An deem Sënn däerfte jo op dësem Stroum keng zousätzlech Steieren ufalen, déi als Bäitrag fir d'Klimapolitik kënne gewäert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi ass déi massiv Präisdeierecht um Haushaltsstroum bei deene Stéit ze erklären, déi awer - esou wéi et op der Rechnung opgelëscht ass - 100 Prozent Naturstroum bezéien?
2. Kann d'Regierung opschlësselen, wéi eng Faktore beim honnertprozentegen Naturstroum verantwortlech dofir sinn, datt dësen am Präis esou massiv an d'Luucht geet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten